N°3609
Entrée le 06.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima, a Biodiversitéit, an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der ëmmer méi staarker Verbreedung vun der asiatescher Runn (*lat. Vespa velutina*) zu Lëtzebuerg an de Problemer, déi sech fir Gemengen, Imker an d'Biodiversitéit stellen, gouf an de leschte Méint widderholl drop higewisen, datt d'Bekämpfung vun den Näschter, besonnesch op Privatterrain, gréisstendeels bei de Bierger selwer läit.

Gläichzäiteg ass dës Interventioun dacks mat héije Käschte verbonnen an erfuerdert spezialiséiert Fachbetriber. D'Recommandatioun vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit un d'Privatleit besteet doranner, sech un eng privat Firma ze wenden, fir d'Näschter professionell ewechmaachen ze loossen.

An deem Kontext géing ech den Häre Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Privatleit hunn d'lescht Joer d'ANF kontaktéiert fir Näschter vun der asiatescher Runn ewechzemaachen?
- Ginn et Gemengen, déi an hirem Budget Mëttel virgesinn hunn, fir Privatleit bei der Eliminatioun vun Näschter vun der asiatescher Runn finanziell ze ënnerstëtzen?
    - Wa jo, wéi vill Gemengen hunn esou Moossname virgesinn? Wéi vill Mëttel hunn déi vereenzelt Gemenge fir esou Fäll ageplangt?
- Hunn eenzel Gemengen oder Gemengesyndikater Konventioune mat private Firmen déi op d'Detektioun an d'Eliminatioun vun den Näschter vun der asiatescher Runn spezialiséiert sinn?
    - Wa jo, ëm wéi vill Konventioune geet et, a wéi eng Déngschtleeschtungen si konkret ofgedeckt (Detektioun, Eliminatioun, Contrôle de suivi)?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu